Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Ministech fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°2480 vum honorabelen Députéierten Jeff Engelen zum Sujet “Impact des radars tronçons sur la sécurité routière sur la N7".

Den honorabele Deputéierten Jeff Engelen freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no der Unzuel vun Accidenter op der Nationalstrooss N7 am Zäitraum tëscht 2015 an 2023, respektiv vun 2023 bis haut, opgeschlësselt no Joer. Zousätzlech freet den Här Deputéierten no der Zuel vun de festgestallten Infraktiounen, déi an dësem Zäitraum festgestallt goufen, souwéi no der Aart vun dësen Infraktiounen.

Bezüglech de Froe vum Här Deputéierte muss een drop opmierksam maachen, dass zwar d'Streckeradaren ugeschwat, awer Donnéeën zu der Nationalstrooss N7 tëscht Colmer-Bierg an dem Rond-Point Iergäertchen gefrot ginn. Well dës Strooss an de gefroten Ofschnëtt awer net a Relatioun zu de Streckeradare stinn, ass dovunner auszegoen, dass do eng Verwiesslung ënnerlaf ass, an hei d'Donnéeën zu der Autobunn A7 gefrot sinn. Dës Autobunn geet awer och net bis bei de Rond-point Iergäertchen, mee hält um Echangeur Gréngewald ob a geet ab do an d'Autobunn A1 iwwer.

Deementspriechend ginn hei d'Zuelen zu den Accidenter op der Autobunn A7, déi am Zäitraum 2015 an 2024[1] tëscht dem Echangeur Colmer-Bierg an dem Echangeur Gréngewald registréiert goufen, a bei deenen et zu engem Persouneschued komm ass, opgelëscht (d'Radaren hunn de 15. Mäerz 2023 ugefaange Verstéiss ze sanctionéieren).

1.an 2. Kann den Här Minister an enger Tabell presentéieren, zu wéi vill Accidenter et tëscht 2015 an dem Fréijoer 2023 – an opgeschlësselt no all eenzelem Joer – op der N7 tëscht Colmer-Bierg an dem Kreesverkéier Iergäertche komm ass? Kann den Här Minister an enger Tabell presentéieren, zu wéi vill Accidenter et tëscht dem Fréijoer 2023 a Stand haut– an opgeschlësselt no all eenzelem Joer – op der N7 tëscht Colmer-Bierg an dem Kreesverkéier Iergäertche komm ass ?

Hei eng Oplëschtung op Basis vun de Krittären, déi am Virwuert festgehale goufen, mat der Bemierkung, dass nach keng Donnéeë fir d'Joer 2025 disponibel sinn.

| Joer: | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 (viru Mäerz) | 2023 (no Mäerz) | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Unzuel: | 5 | 3 | 7 | 10 | 13 | 3 | 2 | 9 | 0 | 8 | 3 |

Dobäi ass ze bemierken dass Accidenter an deenen et nëmmen, zu Materialschued komm ass net integral statistesch erfaasst ginn. Dat aus dem ganz einfache Grond, dass an esou Fäll net ëmmer d'Police op d'Plaz geruff gëtt.

[1] D'Zuele fir d'Joer 2025 leien nach net fir.

3. Vu datt dës dräi Streckeradaren elo säit iwwert zwee Joer a Betrib sinn: Kann den Här Minister opschlësselen, zu wéi vill Infraktiounen et an deem genannten Zäitraum komm ass? Kann den Här Minister opschlësselen, vu wéi enger Aart dës Infraktioune waren?

Déi 3 Streckeradaren an den Tunnellen op der A7 hunn am Zäitraum ab deem se a Betrib si bis den 25. Juni 2025 follgend Unzuel vun Infraktioune festgestallt :

- Tunnel Stafelter : 28.806 Infraktiounen
  (28.205 avertissements taxés vun 49 €, 589 avertissements taxés vun 145 € an 12 procès-verbaux wéinst Délit de grande vitesse)

- Tunnel Grouft : 39.711 Infraktiounen
  (39.299 avertissements taxés vun 49 €, 403 avertissements taxés vun 145 € an 9 procès-verbaux wéinst Délit de grande vitesse)

- Tunnel Gousselerbierg : 21.960 Infraktiounen
  (21.427 avertissements taxés vun 49 €, 527 avertissements taxés vun 145 € an 9 procès-verbaux wéinst Délit de grande vitesse)

Am ganzen sinn also 90.480 Infraktiounen vun dëse Streckeradare festgestallt ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden